


# O Mamm, léif Mamm, *who's who do uewen ?*



Citos Modell  
der "Gëlle Fra"  
(um 1920)

Op engem spéiden Nomëtteg, Enn Mee, souz eng zimlech ongläich Koppel op enger Terrasse vum Boulevard Roosevelt. De Mann war scho bei Alter an huet un engem Citron pressé gesuckelt; si, eng blond Madämmchen ausganks véierzeg, krut grad hire Pättche Rouden zervéiert, nodeems se virdru schonn e staarke Kaffi bestallt hat. Déi zwee hunn sech net absänz gutt kannt, mä dat Ganzt huet awer net no engem forcéierte Rendez-vous ausgesinn. A lo souzen se well eng gutt Stonn do, an d'Gespréich ass hinnen net ausgaangen. Se hunn op däitsch matenee geschwat, mä aus Léift zu eiser Mammesprooch, déi mir jo am léifste liesen, sief dës sonnerlech Geschicht op lëtzebuergesch verzielt; se huet souwisou eng Grëtz mat der "Lëtzebuergescher Séil" ze dinn.

Wéi se sech een deem anere virgestallt hunn, hat si hie wuel korrekt mat "Här Cito" ugeriet, mä hien huet geschmonzt a gemengt, hie géif si einfach "Madame Rosa" nennen, dat anert wier him ze ëmständlech. Si huet gelaacht an hat näischt dergéint an huet gemengt, firwat net, d'Rous wier jo nach ëmmer d'Blumm vun dësem Land gewiescht. Du huet hien och misse schmonzen; si hätt et fauschtendéck hannert den Oueren, sot en, well sou hätt hien dat mam "Rosa" net gemengt, an dat wéisst si och.

Jee, si waren eenzock ferm am Gespréich, an deem alen Här hätt ee souvill Energie eigentlech guer net zougestanen. E war och keng Grimmel verleeën, wéi d'Madame Rosa him zimlech direkt ënnert d'Nues gehalen huet, hie misst zouginn, datt seng Gëlle Fra e Monument vu Männer fir Männer wier.

"Ech hunn dat ni sou gesinn", sot den Här Kënschtler nodenklech, "ech verstinn lech haut, d'Frae vun haut a besonnesch déi aus Ärem Land, mä zu menger Zäit ware Kricher normal, an 't war normal, datt se vu Männer ugestiwwelt

a gewonnen oder verluer goufen; an och, datt nëmme Männer Monumenter operiicht kruten. Vun de Fraen, de Mammen, de Kanner huet kee geschwat. An dann - wie waren dann déi Lëtzebuergesche deemools op der Sait vun de Fransousen? 't ware Männer, fräiwëlleg Männer. O, se sinn net fir Frankräich oder fir Lëtzebuerg an de Krich gaangen, gleeft mer es, a fräiwëlleg gefall sinn se scho guer net. Déi meescht vun hinne waren aarm Däiwelen, déi am Frankräich hir Kuuscht verdéngt, hiert Handwerk geléiert hunn, op der Walz waren. Och fir d'Sprooch ze léieren, mä ënnert sech hunn se lëtzebuergesch geschwat. A genee déi huet de Fransousen ze preisesch geklongen, an d'Jonge kruten den "sale boche" ugehaangen. Leng dofir sinn sech der masseg fräiwëlleg melle gaangen. A wësst Der, wéivill der vun deenen dräiduesend an d'Gras gebass hunn, fir hirer wéivill meng Nike

Claus Cito, 1946




mam Lolberkranz do uewe steet? - Well ech hat d'Nike am Kapp, wéi ech mer de Modell ausgeduecht hunn a keng gëlle Fra. - Dir wësst net, fir wéivill, abee d'Lëtzebuergescher Regierung wousst et deemools och net genee, an ech mengen, déi vun haut weess et och nach ëmmer net. Et sollen der awer eng zweedausendfënnhonnert gewiescht sinn. Stellt lech dat mol vir: zweedausendfënnhonnert vun dräiduesend, rechent lech dee Prozentsaz ees aus. Soll ech lo och nach soen, "an dat alles wéinst eiser Sprooch"? Mä d'Helden hunn e Monument gebraucht an se kruten eent."

D'Madame Rosa hat hien déi ganzen Zäit net ënnerbrach, mä lo huet se wéi e klenge Spëtzbouf dragekuckt a gemengt, d'Lëtzebuergescher hätte jo awer keng ganz gross Stécker op déi plakeg gëlle Fra gehalen!

"Dat stëmmt", sot dee mam schappege wäissen Hoerkranz, "Respekt virum Entschued vun enger internationaler Jury hat d'Vox populi net vill. Nieft mir hate jo awer nach eng zwanzeg aner Artiste beim Concours matgemaach. Mä dat war egal, d'Nike gouf duerch den Dreck gezunn, sou wéi se lo ÄR - wéi soll ech soen - "Copie" duerch den Dreck zéien, deelweis souguer mat deene selwechten Argumenter a Wieder. D'Geschicht léiert äis, datt s'äis näischt léiert."

"Wollt der lo just net zoufälleg "Plagiat" soen?", huet d'Copistin ënnerbrach a gespaant gewaart, wat kéim.

"Dir enttäuscht mech", sot hien eescht. "Mir hätt Der déi Fro net solle stellen, mir als Artist net. ÄR Ausso krut dach réischt eng Aussokraaft iwwert de Wee vun enger Copie oder Karikatur, wann Der wëllt. Iwwert en neit Wierk wier net geschwat ginn, egal wéi gutt et gewiescht wier! Souwisou, wéi "modern" muss dann haut eppes sinn, fir ze schockéieren?"



Imedia

"Merci", sot d'Madame just an huet fir e kuerzen Abléck hir Hand op säin Aarm geluecht.

"Ech sinn awer frou", sot dee Käerjenger Kënschtler, "datt Der d'Gesicht vu menger gëllener Fra net och kopéiert hutt, dat wier mer aus dem Häerz raus gestuel gewiescht. Do ass et u mir fir merci ze soen."

"Ech kennen d'Geschicht vun deem Gesiicht", huet d'Madame Rosa gepëspert.

Et blouf en Ament roueg tëschent deene béiden op der Terrasse um Boulevard Roosevelt. Vun hei aus haten se hir béid gëlle Fraen am Visiér, an op déi mam décke Bauch ass lo d'Owessonn gefall, sou datt een se nëmmen als Silhouette gesinn huet.

"Eigentlech wonnert et mech, datt et bei e puer Schmierereie blouf, an datt se net wierklech mat der Dampfwalz koumen", sot hien, an seng Aen hunn nom Garçon gesicht.

"De Verglach mat '40 wier ze brutal gewiescht, mengt Der net? D'Lëtzebuenger sinn dach awer keng Faschisten!"

"Nëmme gutt, datt et de Lëtzebuenger gutt geet." Ganz lues huet en dat gesot, bal wéi zou sech selwer.

"Asou, Dir mengt, wann ..."

"Genee dat mengen ech. An de Lieserbréiwer an op de Béierdëscher hunn net nëmme Resistenzler gefuttert."

"Iech kann et jo egal sinn", huet d'Madame Rosa geschmonzt, Dir sidd jo lo endlech unerkannt."

"Mat Ärer ongewolltner Hëllef, ech weess, ech weess."

"An ech gi souwisou an e puer Deeg nees ofgerappt."

"Oder vläicht véierzeg Joer laang verstoppt", huet hie batter gelaacht.

"Jiddefalls bleift de Leit lo vill Zäit, fir iwwert eis zwou Fraen nozedenken."

De Claus Cito huet am Portmonni gegrimmelt, um Enn awer einfach e Fënnhongerter op den Dësch geluecht. "Wéi d'Oktav war", sot en du an huet lo och wéi e Spëtzbouf dragekuckt, "du stoung ech net wäit vun där gëllener Kou ënnert Ärer Copie mam Bauch. Eng Fra vum Land hat hire Béifchen op d'Kou gesat, mä de Bouf huet an engem Stéck an d'Luucht gekuckt, a wësst Der, wat en op eemol seng Mamm gefrot huet?, ech stoung derbäi, ech hunn et héieren: "Mamm", frot en, "ass dat do uawwen d'O Mamm léif Mamm do uawwen?" Da's e lëtzebuergeschen Ënnerdialekt."

Well déi kleng blond Artistin hie bekuckt huet, wéi wann hie chinesesch geschwat hätt, war dee vu Käerjeng op eemol net méi presséiert, huet säi Fënnhongerter nees agestach an nach e Citron pressé bestallt; e wouss, datt dat lo eng laang Explikatioun géif. "Ass déi net gutt?", frot en d'Kollegin vun Zagreb um Enn an huet se wéi e Papp mat der Hand geholl.

D'Sanja Ivekovic ass eescht bliwwen. "Dee Bouf ass ee vun deene weinegen, déi mech verstanen hunn", sot se lues.

Se souzen nach eng Zäit do dem Sechsauerverkéier nozekucken, a wéi de Claus Cito um Enn bezuelt huet, an si op déi aner Säit vum Boulevard bei hir zwou Frae gaange sinn, huet déi kroatesch Artistin sech nach eng Kéier gesat; op eng vun deene Bänken, déi ronderëm dem Lëtzebuenger seng Nike stinn, a vu wou aus een e Bléck iwwert de Péitrusdall huet.

"Wéi ass et eigentlech méiglech, datt mir äis begéine konnten?", foul se du dem Cito mat der Dier an d'Haus. "De Claus Cito ass dach scho laang dout!"

"Ech krut douewen e Mount laang Vakanz", huet hien där Verwonnerter geäntwert. "Ech sinn augezechent ginn, mäin Numm figuréiert vun elo un am Buch, dat de Gutenberg

bei äis all zeng Joer frësch opleet. Déi nei Editioun kënnt fir Gehaansdag raus, "Who's who am Himmel" heescht d'Buch, 't huet e puer dausend Säiten."

Well d'Sanja net direkt geäntwert huet, sot en och nach: "Fir richtig hunn ech lech déi Éier ze verdanken, lo op eemol sinn ech quelqu'un."

Och lo sot si net direkt eppes, mä si ass lues opgestanen, huet den Néckel bei der Hand geholl an hie gemittlech bis un de Fouss vum Obelisk mat senger Nike gezunn. An du huet se mam Fanger no uewe gewisen a gefrot: "Déi do uewe mam léiwe Gesiicht, déi ass dach bestëmmt bei lech am Himmel."

"Jo sécher", sot dee Käerjenger glécklech.

"A firwat huet si net dierfe matkommen? Steet si net am himmleschen "Who's who?"

"Jo neen", huet hie geäntwert an huet eng Grëtzt iwwerdubbelt an och onglécklech dragekuckt, "op déi Iddi koumen se net; och déi douewen net, verstitt Der?"

"Gesitt Der!", sot si.

josy braun